



Ech wëll och nach drun erënneren, dass mer - an den Här Berger huet et och scho gemaach - och nach iwwert den Accès à l'information eng Aufgab hunn. Den Här Bodry huet virun enger Partie Joren eng Proposition de loi 4676 virgeschloen. Ech erënnere mech och drun, dass den Här Statsminister an den zwou Riede vum État de la Nation doriwwer Remarqué gemaach huet an dass dat och e wichtegt Element ass vun der Aarbecht vun de Medien an enger fräier Presse- a Mediëlandschaft. An dofir misst ee sech och eng Kéier de Courage huelen, fir erëm déi Proposition de loi... oder d'Regierung op jidde Fall Propositionen op deem Gebitt do virleeën.

Ech wëll och soen - an dat wëll ech hei ënnersträichen -, dass de Presserot selwer vill Hausaufgabe gemaach huet. En huet 2006 dee Code de déontologie gemaach, opgrond vun deenen Dispositione vum Gesetz, och mat enger Partie Commentaires, déi ganz interessant sinn. En huet och déi Commission des Plaintes 2006 ageallt.

En huet och eppes gemaach, wat ech ganz interessant fannen. Déi Arrêten, déi déi Commission des Plaintes iwwert Différenden mécht, déi an der Press tëschent de Plaignanten an der Press selwer festgestallt ginn, gi public gemaach. Sait 2009 kann een déi also och op dem Site vum Presserot kucken.

En huet och säi Règlement d'ordre intérieur nei gemaach. A mir maache jo och hei elo an deem Gesetz eng Partie Modifikatiounen iwwert d'Komposition vun dem Büro vum Conseil de presse.

Ech mengen, et ass gutt, dass d'Professioun, dass also déi Leit, déi mat deenen Instrumenter schaffen, och permanent déi Instrumenter weiderentwéckelen. An ech menge schon, dass d'Politik drun interesséiert ass, fir dat positiv ze accompagnéieren. Ech mengen, dat hu mer jo och an där Aarbecht gewisen, déi mer an der Kommissioun op deem Gesetz gemaach hunn.

Ech ginn net weider op d'Detailer vum Gesetz 6037 an. Den Här Rapporteur, deem ech och Merci soe fir seng Aarbecht, sai mëndlechen a schrëftleche Rapport selbstverständlech, ass dorobber agaangen.

Ech wëll trotzdem drop hiweisen, dass dëst Gesetz hei 6037 e bëssen eng Schergerburd war. Mir hunn zweemol eng Navette mam Conseil d'État gehat. An de Conseil d'État, deen huet Opposition-formell gemaach, besonnesch och op dem Aspekt vun der Obligation fir d'Pressekaart, fir Journaliste professionnel ze ginn. Et ass du schlussendlech grosso modo bei där aler Fassung vum Gesetz vun 2004 bliwwen. Esou dass also déi Contrainte, déi am Fong geholl gewënscht war, net agekratt ass, an dass do déi Situation e bësse méi op ass.

Dat sinn déi puer Remarques, déi ech zu deem Gesetz wollt maachen. Nach eng Kéier: Ech fannen et sécher e wichtegt Gesetz, mä ech fannen et nach méi wichteg, dass mer och regelméisseg, ech mengen och an der Kommissioun, iwwert d'Exekutioun vun deem wichtige Gesetz vun 2004 zesumme mat der Regierung kucken, wann do weider Adaptatiounen ze maache sinn.

Well d'Mediëwelt geet ëmmer weider, ob dat elo d'Printmedië sinn oder och déi elektronesch Medien. Do geschéien andauernd nei Saachen, do kommen andauernd nei Entwécklungen vun Informatioun, mä och vun Infotainment, vun der Manéier wéi een d'Leit wëllt beaflossen an informéieren. Dofir musse mer permanent un deenen Instrumenter schaffen, fir dass mer als Gesellschaft au diapason mat där Entwécklung sinn an déi och kënnen esou encadréieren, wéi dat enger demokratescher Gesellschaft entsprécht.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Här President, de Statsrot hat a sengem éischten Avis bedauert, datt keng allgemeng Analys vum Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'Liberté d'expression an de Medië gemaach ginn ass. Mir hunn dat eigentlech och bedauert. A wann ech den Här Fayot richtig verstanen hunn, huet en am Fong deeselwechte Point de vue, datt eben déi Analys net gemaach ginn ass.

Mir hunn eis hei effektiv just op e puer Punkte beschränkt. D'Definitioun, wéini kann ee sech als Journalist bezeichnen?; wéi kann een d'Berufsbezeichnung vum Journalist schützen?; wéi sollen d'Méiglechkeete vum Recours ausgesinn, wann een als Journalist d'Journalistekaart refuséiert kritt?; an datt de Presserot d'Personnalité civile unerkannt kritt, sinn d'Objete vun deem Gesetz.

Ech wëll dann och dem Rapporteur, dem honorabelen Här Thiel, Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport, wou hie prezis den dach awer relativ holperege Wee vun deem Gesetz, wat mer eigentlech als ganz simpel ugesinn hunn, beschriwwen huet. Mat holperigem Wee mengen ech déi vill Oppositions formelles vum Statsrot.

Déi Gréng hätten, grad wéi de Statsrot, och iwwer aner Aspekter vum Pressegesetz matdiskutiert. Mir haten et och an der zoustänneger Kommissioun - den Här Berger huet et och scho gesot; mir waren zesummen -, wou mer den Zougank vun de Journalisten zu Informatiounen vu Statsdängschter zur Sprooch bruecht hunn. Well awer weder den zoustänneger Minister nach de Presserot selwer en Interessi gewisen hunn, dee Punkt an dëst Gesetz mat ze integréieren, war d'Diskussioun eriwwer, ier se richtig ugefaangen hat.

Här President, déi gréng Fraktioun bedauert, datt net méi an deem Gesetz steet, wéi eben drasteet. Et steet awer och näischt dran, wou mer missten eng Opposition formelle maachen. Duerfir bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Dépôt d'une motion par M. Jean Colombero

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Merci, Här President. Här President, wann Der erlaabt, ech wëllt gär hei eng Motioun déposéieren, ier ech ufänken. Et geet ëm d'Nationalstrooss RN7, Nordstrooss, déi...

(**Brouhaha général**)

Jo, wann ech gelift! Ech gi se nëmmen of.

(**Brouhaha général**)

Jo, jo, reegt lech net op! Ech gi se nëmmen of.

(**Brouhaha général**)

► **Une voix.** - Den Här Kaes léisst dat do net zou!

(**Brouhaha et hilarité**)

► **M. le Président.** - Här Colombero, da gitt mer elo déi Motioun an da kommt Der zum Sujet vum Dag!

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Jo, ech gesinn, et ass ganz kritesch. Ech schwätzen eng aner Kéier doriwwer, Här President. Merci.

(**Hilarité**)

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la route nationale RN7 (E421) est le théâtre de nombreux accidents graves;*

- *considérant que cet axe européen arrive à saturation;*

*invite le Gouvernement*

- *à porter la RN7 à deux fois deux voies de circulation, séparées par un mur californien, entre Wempehard et Colmar-Berg;*

- *à construire toutes les voies nécessaires pour éviter les agglomérations se trouvant le long de cet axe routier;*

- *à mettre en place une voie d'évitement («bypass») au rond-point Fridhaff;*

- *à faire construire les ouvrages d'art nécessaires pour éviter toutes les bifurcations par la gauche;*

- *à intégrer toutes ces mesures dans le plan sectoriel «Transports».*

(s.) Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Fernand Kartheiser.

Op jidde Fall, Merci, Här Kaes, fir d'Petitioun, mä ech wollt lech rappelléieren, dass et ganz wichteg fir d'Regierung ass, do eppes ze ënnerhuelen.

## 6. 6037 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias et de la loi du 3 août 1998 sur la promotion de la presse écrite (suite)

**Discussion générale (suite)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëlle mir dem Rapporteur, dem Här Thiel, Merci soe fir dese mëndlechen a schrëftleche Bericht. Dëst Gesetz gesäit verschidde punktuell Adaptatiounen vir, verschidde Virschléi, mat deenen de Conseil de presse averstanen ass, esou dass mir den Accord zu dëser Virlag wäerte ginn.

Ob et elo wichteg ass, fir eng Pressekaart ze hunn, oder net, dat steet op engem anere Blat. Vill méi wichteg ass d'Roll, déi d'Press an engem demokratesche Land muss spillen.

Wat ass eng fräi Press? Sécherlech ass dat net eng neutral Press, mä éischer eng pluralistesche Press, wou all Zorte vu Meinungen kënnen vertruete ginn, an d'Pressehëllef ass wichteg fir d'Iwwerliewe vu verschidde Presseorganen. Et gëtt keng Demokratie, ouni eng fräi a pluralistesche Press. Ech brauchen hei den Term vun „watchdogs of democracy“.

Fundamental ass d'Protection des sources, an hei erënneren ech un den Arrêt Goodwin vun 1996, wou de Journalist refuséiere kann, fir d'Informanten ze zitieren a se soumat schützen kann. Mir hunn dat och am Pressegesetz drastoen, mä leider gouf et awer Fäll, och hei zu Lëtzebuerg, wou dat net respektéiert gouf, an d'Justiz sech doriwwer ewechgesat huet. Ech erënneren hei un déi zwou bekannt Affären, d'Affär Rob Roemen géint de Michel Wolter an d'Affär Contacto, wou et zu Perquisitiounen kamm ass.

Wat brauch e fräie Journalist nach? Den Här Berger huet gesot, hie brauch den Accès zu den administrativen Donnéeën an de Verwaltungen, wéi et Usus ass an de skandinavesche Länner. Wann de Secteur public Donnéeën huet, da mussen déi accessibel sinn. Hei zu Lëtzebuerg hänke mir nach hannendran. Do soll ee Gesetz an der Maach sinn. Offiziell hu mir awer nach keen Accès un déi administrativ Donnéeën. Ech erënneren do un d'Affär Mouvement écologique géint de Minister Krecké. Ech wollt dann de Minister froen, wéi wäit dass mer an deem Projet do sinn.

Eng aner Fro, déi ech wëllt stellen, ass déi heiten: Ass den Ukas Santer definitiv opgehewen oder besteet deen nach? Bekanntlech goufen hei d'Fonctionnaire gebieden, keng Informatiounen méi erauszeginn, ouni dass de Minister säin Accord sollt ginn.

► **Une voix.** - Wou ass de Sujet?

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Schliesslech ass dat drëtt wichtegt Element, dass d'Fräiheet vun der Expressioun am Équilibrium muss si mat dem Schutz vun den individuelle Rechter. Hei besteet dann e Flou, well et keng legal Definitioun vum Privatliewe gëtt, an d'Grenz tëschent dem öffentleche Liewe vun engem Politiker zum Beispill mat sengem private Liewen ass schwéier ze definéieren.

Mir begrëssen, dass d'Décisiounen vun der Commission des plaintes publizéiert ginn, a mir mengen, dass d'Sanktiounen, wa se ausgesprach ginn, méi effektiv solle sinn.

Dës Punkten, wéi gesot, si méi wichteg, wéi de Fait fir eng Pressekaart ze hunn

oder net. Wéi geféierlech et fir e Journalist ass, beweist dat rezent Beispill vum italienesche Verteidigungsminister. E freelance Journalist wollt dem italienesche Premier eng Fro stellen, ouni säin Tour ofzewaarden. Hien ass fir d'éischt ofgewise ginn. Dunn huet en insistéiert. Du gouf e vum Verteidigungsminister mam Kolli geholl an aus dem Sall erauskomplimentéiert. Déi zwee Personnage gesi sech beim Richter erëm. Esou eng Situatioun ass hei zu Lëtzebuerg net denkbar, mä an Italien schloen d'Auere bekanntlech aneschtens.

Dat gesot, Här President, ginn ech den Accord vu menger Partei.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Colombero Merci. Dann ass als Nächste den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President, ech mengen net, ech hat net den Androck, dass mer hei nëmmen eng punktuell Ännerung vun engem Gesetz hätten, sondern ech hunn den Androck, dass mer hei wichteg Prezisiounen agefouert hunn, déi onbedéngt gefeelt hunn. An dat ass natierlech un alleréischer Stell déi Definitioun vum Journaliste professionnel an domadder op d'mannst indirekt och d'Protektioun vun deem Titel.

Ech mengen och, dass et eng vernünfteg Léisung no villem Hin an Hier war, de Journaliste professionnel esou ze definéieren, an d'Konditioun, Journaliste professionnel mussen ze sinn, fir eng Pressekaart ze kréien, festzehalen, mä net ëmgedrëit. Dat heescht also, net mussen eng Pressekaart ze hunn, fir kënnen professionelle Journalist ze ginn, well et jo och där gëtt, déi, aus welleche Grënn och ëmmer, ënner Émstänn vläicht déi Pressekaart guer net wëllen.

Richtig a kohärent ass et och, dass de Presserot d'Personnalité juridique, d'Personnalité civile kritt, well en déi Pressekaart vergëtt, dat heescht, well also do dann och Contestatiounen méiglech sinn. An ech mengen, och déi Léisung, dass et de Presserot ass, dee bedeelegt ass, et awer en onofhängege Magistrat ass, dee presidéiert, ass déi richtig a vernünfteg Léisung an där Fro.

Ech bedauern awer och, dass mer vun der Geleeënheet net profitéiert hunn, fir eng allgemeng Diskussioun iwwer eist relativ aalt - relativ aalt, mat der Entwécklung, déi haut ganz schnell geet - Pressegesetz, déi Reflexioun ze féieren, wou dann och d'Fro vun dem Accès zu den Informatiounen bei de Verwaltungen an esou weider, déi den Här Berger ugeschnidden huet, wou déi Fro dann och misst behandelt ginn.

Ech hunn eng prezis Fro mer gestallt, wéi ech d'Gesetz gelies hunn: Wéi gesäit et aus mat de Journalisten aus dem Ausland a mat deenen hire Rechter, wa se eng eege Kaart hunn aus dem Ausland? Dorop kann entweder de Rapporteur oder de Minister vläicht kuerz äntworten.

Dann en Oflosswuert ganz allgemeng: D'Pressefräiheet ass net nëmmen en zentral Biergerrecht, mä ass och eng zentral Viraussetzung fir eng oppen, demokratesch Debatt. Dat bedeit awer dann, dass de Pluralismus muss ofgeséichert ginn, an de Pluralismus, deen däréi awer net eleng doranner bestoen, dass et eng Rei vu Presseorganen gëtt, déi alleguerte méi oder weëneger no bei enger bestëmmter politescher Partei stinn. Dat soll wuel net ausgeschloss ginn, mä domadder ass awer d'Fro vum Pluralismus net ofgedeckt.

An ech mengen, dass ee scho muss feststellen, dass mir hei zu Lëtzebuerg relativ weënig, am Ennerscheed awer zum Ausland oder zu verschidde Länner aus dem Ausland, awer relativ weënig wierklech onofhängeg, an deem Sënn parteipolitesch wierklech onofhängeg Presseorganen hunn. Dat ass einfach eng Feststellung. Dee Prinzip vun der Meinungsfräiheet, dee leet natierlech dem Journalist op där enger Säit eng grouss Verantwortung op, verlaangt awer vun der Gesellschaft och eng grouss Protektioun vun deem Journalist.

Da wëll ech awer eppes betounen, wat haut nach kee gesot huet, eng Protektioun





vum Journalist net nëmme par rapport zu méigleche staatlechen Agrëff, sondern och eng Protektioun vum Journalist par rapport zu dem Propriétaire vu Presseorganer. Deen Aspekt ass haut nach net ugeschnidde ginn. Dee stellt sech bei eis méiglecherweis e bëssen anescht wéi an anere Länner. Et ass awer fir mech en entscheedende Punkt. An ech mengen, dass dee Punkt onbedéngt och an enger allgemenger Diskussioun iwwer eist Pressegesetz misst nach eng Kéier opgegraff ginn.

► **Une voix.**- Très bien.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. An elo hunn ech nach als age-droene Riedner den Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass wichteg, dass mer den Text vun haut stëmmen. Mä erlaabt mer d'Wuert ze ergräifen, fir e spezifesche Fall vu Lëtzebuerg ze ernimmen.

Mir hunn eng Press gehat, déi bis elo eng objektiv Press war, déi, och wann een de Code de déontologie gekuckt huet, dee respektéiert huet. Ech hunn eise Code de déontologie hei vun der Lëtzeburger Press gekuckt. Ech hunn en anere fonnt, dat ass d'Charte de Munich, deen ass méi kuerz. Dofir hunn ech mer erlaabt, deen ze huelen, well deen huet zéng Artikelen. Do sinn einfach «Les dix devoirs de la charte» vum Journalist:

Artikel 1: «Respecter la vérité quelconque puissent être les conséquences pour lui-même, et ce à raison du droit que le public a de connaître.»

Artikel 2: «Défendre la liberté de l'information, du commentaire et de la critique.»

Artikel 3: «Publier seulement les informations dont l'origine est connue, ou les accompagner, si c'est nécessaire, des réserves qui s'imposent.»

Artikel 4: «Ne pas user de méthodes déloyales pour obtenir des informations, des photographies et des documents.»

Artikel 5: «S'obliger à respecter la vie privée des personnes.»

Artikel 6: «Rectifier toute information publiée qui se révèle inexacte.»

Artikel 7: «Garder le secret professionnel et net pas divulguer la source d'information obtenue confidentiellement.»

Artikel 8: «S'interdire le plagiat, la calomnie, la diffamation, les accusations sans fondement.»

Artikel 9: «Ne jamais confondre le métier de journaliste avec celui de publicitaire ou du propagandiste. N'accepter aucune consigne directe ou indirecte des annonceurs.»

Artikel 10: «Refuser toute pression. N'accepter de directives rédactionnelles que des responsables de la rédaction.»

Här President, dat do si Regeln, do si mer eis eens, déi e Journalist ze respektéieren huet. Mir hunn awer leider säit e puer Joren hei zu Lëtzebuerg eng Press, an ech muss lech soen, wann ech déi zéng Artikel kucken, weess ech net, ob se iwwerhaupt ee respektéieren.

► **Une voix.**- Ech och net.

(**Interruptions**)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- «Respecter la vérité», kennt déi Zeitung net. «Publier seulement les informations dont l'origine est connue», kennt déi Zeitung net. «Ne pas utiliser de méthodes déloyales pour obtenir des informations», kennt déi Zeitung net. «S'obliger de respecter la vie privée des personnes», kennt déi Zeitung net. «S'interdire le plagiat, la calomnie, la diffamation», kennt déi Zeitung net.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- «Ne jamais confondre le métier de journaliste avec celui de propagandiste», kennt déi Zeitung net.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- «Refuser toute pression et n'accepter de directives rédactionnelles que des responsables de la rédaction», kennt déi Zeitung net, well do ass een, dee seet, wat d'Leit solle schreiwen.

Här President, ech hoffen,...

(**Interruption**)

...ech wëll just soen, Här President, dass ech hei muss soen... Ech ginn lech nach e puer Beispiller: Wann ee bei d'Eltere vun engem telefonéiert oder laanschtgeet a seet, et géif ee gären eng Iwwerraschung maachen, oder et wier ee geschéckt gi vun enger Persoun, wat gelunn ass a wat eng Zuel vun eis heibannen erlieft hunn, fir u Fotoen ze kommen an Informatiounen iwwert d'Kandheet vun engem Politiker.

Wann ee sech erlaabt, bei engem Offiziéier, dee sech ëmbruecht huet, bei seng Fra zwee Deeg duerno ze goen an ze soen, et wier een e Schoukolleeg vun him gewiescht. Wann ee sech erlaabt, bei de Bäcker vis-à-vis schellen ze goen, fir ze froen, wéi eng Mëtschen een all moies keeft, dat nennen ech kee Journalismus!

(**Interruption**)

Dat nennen ech kee Journalismus, Här President!

Wann ee sech erlaabt, op Facebook d'Fotoe vun deem engen oder vun deem aneren einfach ze printen. Wann ee sech erlaabt, Saachen an d'Welt ze setzen, déi net stëmmen an emol net gekuckt gëtt, ob se stëmmen. Wann ee sech erlaabt, Fotoen à l'insu vun de Leit ze huelen an ze publizéieren. Wann ee Saache schreift iwwert d'Privatliewe vun deem engen a vun deem aneren, d'Haiser fotografiéiert a publizéiert, dat nennen ech kee Journalismus, Här President!

Déi gi sech awer, an do ass meng Fro, als Journalisten aus, Här President. Déi Leit gi bei d'Leit schellen, andeem se Visite-kärtercher hunn a soen, mir si Journalist. Ech nennen dat net Journalist. An do-wéinst, Här President, insistéieren ech, dass d'Chamber d'Regierung invitéiert, dass den Ennerscheed gemaach gëtt tëschent engem Journaliste professionnel an engem Journalist, deen den Numm net verdéngt huet, esou genannt ze ginn, mais au contraire e Rapporteur, e Colporteur an e Calomnieur, deen nëmme Sauereien iwwert deen een oder deen anere schreift!

Ech akzeptéieren dat net, an dowéinst wier ech frou, Här President, wann hei aus dëser Debatt eraus, an och en Appel un d'Regierung, dass eng Campagne gemaach gëtt, dass gesot gëtt, wat Journalismus ass, wat professionnelle Journalismus ass a wat de Rescht ass.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Bravo!

(**Applaudissements**)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss, an elo kritt de Kommunikationsminister François Biltgen d'Wuert.

(**Brouhaha et hilarité**)

Ech géif lech bieden, elo dem Här Biltgen nozelauschteren!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

(**Interruptions**)

Entschëllegt, et sinn der nach e puer amgaangen.

Wéi laang hunn ech?

► **M. le Président.**- Ma, Dir hutt eng Véirelstonn.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat den Här Bettel elo zum Schluss gesot huet, dat ass eigentlech de ganzen Objet vun dësem Projet de loi gewiescht, nämlech fir ganz kloer ze soen, wien dann e Journaliste professionnel ass a wie sech och un déi néideg Regeln hält.

Déi ganz Diskussiounen, déi mer haten, notament mam Statsrot, hunn ëmmer erëm dorop higewisen, wou d'juristes Schwieregkeete leien, fir dat ze maachen, an enger Welt, wou d'Liberté d'expression ee vun de grouss Prinzipien ass. Duerfir wëll ech e bëssen Historique maachen, ier dass ech op de Projet de loi selwer kommen an déi Froen, déi hei opgeworf goufen.

Ech hat heiansdo haut d'Gefill, dass verschidde vun de Kolleegen nach e bës-

selchen an där uraler Welt waren, nämlech vun eise virleschte Pressegesetz aus dem 19. Jorhonnert, wou et drëm gaangen ass, d'Press ze kontrolléieren. Ech hunn ëmmer Problemer, wa gesot gëtt: Elo musse mer kucken, wat d'Ausrichtung vun der Press ass. Ass se objektiv oder steet se engem no? Wiem gehéiert se?

D'Press muss kënne fräi sinn! An déi Illusioun ze mengen, et kéint ee sougenannt objektiv Presse maachen, wou d'Leit keng Meenung hätten, dat ass eng falsch Meenung. D'Leit, déi Press maachen, mussen eng Meenung kënnen hunn. D'Presse d'opinion ass eppes, wat wesentlech d'Demokratie ervirbruecht huet.

Wat ech méi geféierlech fannen, dat ass, wann et ënnerschwelleg Opiniounen gëtt, déi sech net kloer nennen. Mä mech huet et ni gestéiert, wann ech weess, déi Zeitung huet déi dote Ligne éditoriale. Si versicht esou vill wéi méiglech ze informéieren, mä si hält hir Ligne éditoriale.

Grad dat war d'Diskussioun, déi mer haten, ier dass mer zum Pressegesetz vun 2004 koumen. Mir haten dee Moment e Gesetz aus dem 19. Jorhonnert, wat e repressiivt Gesetz war. D'Press, d'Fräiheet vun der Press war eigentlech éischter d'Exception wéi d'Regel. A wat mer gemaach hunn, dat ass gekuckt, d'Regel ze maachen.

Den Historique war och esou, dass ganz vill Drock gemaach ginn ass vun där d'ärzäiteger majoritärer Journalistevereenigung an hirem Rechtsberoder, fir esou vill wéi méiglech vun de Précepte vum Conseil de l'Europe ze iwwerhuelen, wat eng modern Liberté d'expression ubelaangt. Sou dass mer effektiv an deem Projet de loi, dee mer hei der Chamber virgeluecht hunn, relativ an den Detail gaange sinn, och vu Rechter a Flichte vun der Press.

Et ass eréischt zum Schluss vun der Diskussioun, an ech mengen, Äre President ka sech gutt erënneren, well e Rapporteur ass, wou vun der Press selwer, notament vun den Éditeure gesot ginn ass: „Majo, dat ass alles schéin a gutt, wat Der wëllt, mä sollt Der dann net der Press selwer méi Autonomie loossen an d'Press selwer dat regelen loossen? Soll net d'Press sech organiséieren, hir Deontologie organiséieren, amplaz dass de Gesetzgeber dat mécht?“

Dat huet eis dozou bruecht, dass mer eng Partie Amendementen zesummen ausgeschafft hunn - ech ka mech jo gutt erënneren, vu dass ech jo deemools schonn en charge war an zu den Auteurs gehéiert hu vun deem Pressegesetz - an dass eng Motioun gestëmmt ginn ass, déi just Folgendes gesot huet, an dat wëll ech hei widderhuelen: Dass et net soll un der Regierung sinn, an net soll un der Chamber sinn an éischer Linn, mä scho guer net un der Regierung, fir elo grouss ze definéieren, wat d'Suerge vun der Press sinn, mä dass mer sollen de Conseil de presse schaffen loossen, op dee waarden, deem seng Suggestiounen ophuelen, a wann dee Suggestiounen mécht, op déi agoen an dorobberhin d'Gesetz selwer délestéieren an dem Conseil de presse méi Autonomie ginn.

Dorunner hu mer eis och zënterhier gehalten. Dat huet och den alen an erëm neie Minister vun der Press dozou bruecht, fir ze soen: „Ech wëll elo net vun uewen erof den Avis vum Statsrot kommentéieren. Kommt, mir kucke mam Conseil de presse zesummeschaffen.“ Ech mengen, dat huet Är Kommissioun mam Président-rapporteur Lucien Thiel ganz gutt gemaach. Dir hutt selwer de Conseil de presse gehéiert, de Minister huet en och gehéiert. Mir sinn zesummen iwwregens bei de Statsrot gaangen, deen eis zesummen invitéiert huet, fir och do d'Souciën ze erklären, a mir hu versicht, eppes ze maachen, fir den Titre professionnel no vir ze bréngen.

Genee dat, wat de Conseil de presse wollt, ass net duerchkomm. Wéinst enger ganzer Partie vu juristesche Problemer, wou ech och de Statsrot verstinn. Well mer de Conseil de presse, wéi en elo funktionéiert, net tel quel kënne gläichsetze mat engem Conseil de l'ordre vun den Affekoten oder vun anere Professions réglementées.

Mir hunn awer elo emol den Titre professionnel geschützt. Wuel ass et net, kann

een net soen, wann een d'Kaart net huet, da kann een net Titre professionnel sinn. Et kann een awer dovunner ausgoen, dass een, deen d'Kaart huet, sech un d'Deontologie hält, an dass et och wichteg ass, dass mir zesummen, a virun allem de Conseil de presse, dee schonn ugefaangen huet, dat ze maachen, Reklamm maachen. Dass, wann ee kënnt an e schellt un der Dier a seet „Ech si Journalist“, d'Leit de Reflex hunn, fir ze soen: „Ma da weis mer emol deng Kaart, ob s de dat och méchs!“

Mir kënnen an enger zweeter Phas nach weider nobesseren. Dat wëlle mer awer nëmmen zesumme mam Conseil de presse maachen.

Woufir steet de Code de déontologie elo net am Gesetz? Well e keng Base légale huet, well et en Akt ass, deen ausgeschafft gouf vum Conseil de presse, deen awer keng Valeur légale huet, well en net am Mémorial bis ewell publizéiert gouf, well de Conseil de presse dat och bis elo, aus enger ganzer Partie Grënn, net gefrot huet. Dat ass eng Fro, déi een duerno muss weiderdiskutéiere mam Conseil de presse, fir ze kucken: Soll een net eng Kéier dohinnergoen, dass de Code de déontologie géif publizéiert ginn am Mémorial an doduerch de Code de déontologie, wéi bei den Dokter, eng Valeur légale hätt? Da kënne mer e vill méi mat eranhuelen an all déi Froen, déi do sinn.

Déi Froen, déi den Här Bettel opgeworf huet, déi sinn absolut richteg. Et gëtt där Beispiller ganz vill. Mir hunn och eng ganz Partie diskutéiert. Mir hu versicht, d'Gesetz vun 2004 ze dépenaliséieren. Mir hunn esou mann wéi méiglech Droit pénal gemaach, fir eben de Journalist fräi schaffen ze doen, wat da mat sech bréngt, dass eng Partie Normen dra sinn, déi net strofrechtlech geahnt ginn; déi kënnen zivilrechtlech geahnt ginn, awer net strofrechtlech geahnt ginn.

Elo ginn et der, déi hale sech net dorun. Do kann effektiv, obwuel do Plainen zum Beispill sinn, wa Fotoe gewise gi vu Jonken, déi sech ëmbruecht hunn, oder esou. Dat ass eigentlech verbueden. Et ass awer keng strofrechtlech Bestëmmung drop, well mer dovunner ausginn, dass mer eng responsabel Press hunn, déi sech dorun hält. De Problem ass, wann natierlech ee sech elo net dorun hält, kann dat net strofrechtlech verfollegt ginn.

Mir mussen natierlech dann och oppassen, dass mer elo net opgrond vun Deviationen, déi kommen, op eemol erëm dat ganzt Pressegesetz penaliséieren an doduerch de seriöse Journalist erëm ënner Drock setzen.

Duerfir, mengen ech, ass haut e ganz wichtige Schrëtt, dee mer maachen. Dat ass guer net esou „anodin“, wéi dat ausgesäit. Et ass doudséchier net de leschte Schrëtt, dee mer musse kucken, fir dass mer hei eng responsabel Press, ech wëll net soe kréien, mä behalen, well mir hunn... Ech kommen elo vill am Ausland erëm. Gitt emol e bësse kucken, wat do alles publizéiert gëtt! Ech muss awer soen, dass, och wann ech emol ëmmer erëm moies opstinn a mech schrecklech opreegen iwwert dat, wat ech an där enger oder an där anerer Zeitung lesen. Ech mengen, et ass bal keng, wou ech mech ni driwwer opgereegt hunn,...

(**Interruption**)

...keng, wou ech mech nach net driwwer opgereegt hunn. Mä da soen ech, dass mer awer hei zu Lëtzebuerg eng responsabel Press hunn. An dat ass och dat heiten.

Duerfir wëll ech och soen, déi Kritiken, déi hei komm sinn, elo hätt missen d'Regierung e Bilan maache vum Pressegesetz. Ech soen lech, dass ech refuséieren, dat ze maachen. Wann de Conseil de presse wëllt e Bilan maachen, ass et um Conseil de presse. Ech wëll net, dass mer heihinner kommen an Diskussiounen, egal wéi gutt se geméint sinn, dass mer hei op eemol italienesch Diskussiounen féieren iwwert d'Press. D'Regierung soll sech eraushalen. Et ass net un der Regierung, e Bilan ze zéien. Et ass um Conseil de presse, de Bilan





ze zéien. Et ass um Conseil de presse, eis hei mat Iddien ze fidderen. An dat solle mer an Zukunft maachen.

Dat ass déi Motioun, déi Dir gestëmmt hutt hei an der Chamber! Deemools. Net jiddweree war derbäi. Eng Partie sinn net méi derbäi. Ech mengen awer, dass, wann net eng nei Motioun kënnt, déi Motioun nach ëmmer richtig ass, an dass mer eis och dorunner sollen halen. Domadder si mer bis elo gutt gefuer an dësem Land. Mir sollen och weider esou goen.

Duerfir e puer Äntwerten nach op particulière Froen. Mä dat doten ass fir mech den Haauptsujet, dass mer mussen dëst Gesetz emol benotzen, weider diskutéiere mam Conseil de presse, wéi mer kënnen op deem Niveau weidergoen, mä net, wéi gutt et och gemenzt ass, op eemol erëm ufänken, menge mir missten d'Press kontrolléieren.

Pressepluralismus: Mir hunn an der Regierungserklärung gesot, dass mer eis Pressehëllef wëlle stoe loosson. Dir gesitt, iwwerall an der Welt sinn, notament bei der geschrivwener Press, vill Problemer. An do riskéiert de Pluralismus ewechzefalen. Ech mengen, dass ee Pluralismus net an de Grëff kritt, andeem een d'Besetzverhältnisse geif kontrolléieren, wéi den Här Hoffmann dat elo gefuerdert huet. De Pluralismus kréie mer an de Grëff duerch déi Hëllef, direkter an indirekter, déi mir maachen.

Iwwert d'direkt Pressehëllef hält de Pluralismus op, awer vill indirekt Pressehëllef hëllef och dem Pluralismus. Wéi d'Campagnen, déi d'Regierung mécht an de verschiddene Presseorganer. Wéi offiziell Annoncen, déi se mécht. Alles dat hëllef, e gewëssene Pressepluralismus ze halen. Ech mengen, dass, wann ech mat Leit, mat Ministeren aus anere Länner schwätzen, mir awer schon eng Position privilegié hunn, dass mer esou vill Presseorganer hunn. An ech mengen, dat ass och gutt fir eist Land.

Och wann ech den Ausländer soen, den auslännesche Ministerkollege soen, wéivill verschidde Sproocher mer an eiser Press hunn, souwuel écrite wéi audiovisuelle, ass et jo awer och schon erstaunlech, dass mer hei regelméisseg Presseorganer, offizieller fannen, déi op Däitsch, Franséisch, Englesch, Portugisesch publizéieren. Ech mengen, dass dat ganz gutt ass fir dat Land. An duerfir, mengen ech, ass dee System gutt.

Et muss ee wëssen, dass dat net ëmmer esou einfach gött, och an der Zukunft. An och duerfir wëlle mer mat der Press zesummeschaffen. Ech mengen, dass déi zwou grouss Erausforderunge fir d'Zukunft sinn, engersäits hei kucken, dass mer weider op deem Wee vun der responsabler Press ginn, am Kader vun engem oppene Pressegesetz, wéi dat vun 2004, wat mer haut adaptéieren; zweetens och kucken, dass mer de Pressepluralismus kënnen behalen, an dass d'Regierung weiderhi kann dee Pressepluralismus direkt oder indirekt finanziell ënnerstëtzen.

Déi Fro vun dem Zougank zu den Informatiounen. Do musse mer oppassen, dass mer net zwou Saache mateneen duerjereegeheien. Dat eent ass déi ganz Diskussioun vum Zougank vum eenzelne Bierger zu Informatiounen. Dat aner ass, wéi fiert d'Regierung mat der Press. Ech mengen, dat ass eng Saach, wou de Premierminister op dem Neijoersempfang gesot huet, dass mer do solle kucken, wéi mer dat maachen. An duerfir soll een net dat eent vum Gesetz, wat en allgemengen Informationszougank ass, wat iwwerengs och beim Premierminister läit, net beim Kommunikationsminister a Medieminister, dass mer dat sollen trenne vun där anerer Geschicht, wéi geet een am beschten ëm, dass ee ka gutt mat der Press schaffen.

Ech muss soen, dass ech seele Pläinten héieren hunn. Dat kann een nach alles verstärken. Do geet et vill drëm, dass och den eenzelne Minister kuckt, dass d'Informatiounen kommen, dass et Réckmeldung gött. Dat ass doudsécher ze verstärken.

Ech wëll just warnen, wann ee wëllt den Zougank vun der Press zu Informatiounen regelen, wéi et zum Beispill a skandinavische Länner ass, da riskéiert een herno, dat esou ze regelen, dass viles net méi méiglech ass, wat méiglech ass. Duerfir soll een och do virsiichteg virgoen. Dat eent ass d'Press, dat aner ass de Publikumszougank. Ech mengen, do muss eng kéier geregelt ginn. D'Press soll een iwwer en anere Wee maachen.

Da kann ech mer awer net verknäifen, Här President, opgrond vun dem Optrëtt vum Här Berger hei, nach eng kéier meng Forderung virzebréngen: Ech hätt gär, dass d'Kommissionssitzunge live iwwer Chamber TV iwwerdroe ginn,...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, ech kann deem nëmmen zoustëmmen...

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- ...da kënnen d'Leit selwer héieren, wat ee seet,...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Voilà! Ganz richtig!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- ...an da gött net ëmmer erëm ëmgedréit, wat hunn ech gesot am Numm vum Conseil de presse.

Et ass de Conseil de presse, dee genee déiselwecht Distinction mécht, déi ech och elo gemaach hunn, dass dat eent e Sujet ass an dass d'Pressegesetz en anere Sujet ass. An dass et, opgrond vun all deenen Iwwerleeungen, déi notament den Här Bettel hei gemaach huet, fir de Conseil de presse extrem wichteg ass, dass mer endlech hir Forderungen, déi jo elo schon eng gewëssen Zäit zrëckginn - den Här Thiel huet et gesot -, dass mer déi elo ëmsetzen.

Iwwert d'Pressegesetz sinn eng ganz Partie aner Saachen. Et kann een iwwer Äntwertrecht nodenken. Och do sinn eng Partie Saachen, wou ee muss soen, gött et elo wierklech, hu mer alles richtig gemaach oder net. Ech mengen, mir solle weider op deem Wee schaffen, dass et de Conseil de presse ass, dee wierklech pluralistes funktionéiert, deen eis hei seng Desiderata gött, seng Iwwerleeungen. Mat deene schaffe mer.

Wéi gesot, dat, wat mer haut stëmmen, ass net honnertprozenteg dat, wat de Conseil de presse gär gehat hätt. Mä mir sinn eis eens ginn, Regierung, Chamberskommission an Conseil de presse, dass et à ce stade elo ganz wichteg wär, an ech mengen, duerfir ass et och wichteg, hoffen ech, dass mer hei eng Unanimitéit kréie fir d'Gesetz, an dass mer dann och Reklamm maachen, wat den Titre professionnel ass. Dat muss een ëmmer erëm maachen, fir dass et och an d'Käpp erageet. Dat soen ech fir d'Politiker, och weinst hire Familljenguehöregen, déi sech heiansdo effektiv do a komesche Situatiounen kënnen erëmfannen.

Dann hat den Här Hoffmann nach eng Fro gestallt zu den auslännesche Journalisten. Et ass ganz kloer, dass mer hei an enger europäescher Welt liewen an dass d'Titren, déi een am Ausland huet, och Titre sinn, déi hei unerkannt ginn. Also, et ass och schon haut esou. Wou gebraucht een zum Beispill d'Pressekaart? Déi brauch een, zum Beispill, fir kënnen op offiziell Pressekonferenze vun der Regierung ze kommen. De Service information et presse huet do eng ganz kloer Regel, wéi se och am Ausland ass, dass een do mat Pressekaarte vum Ausland, déi offiziell unerkannt sinn, dass dann och de SIP direkt weess, ma dat doten ass en unerkannte Journalist an dee gött net dobausse gelooss, nëmme well e keng Lëtzebuerger Journalistekaart hätt. Eis Lëtzebuerger Journaliste brauchen dat och am Ausland. Dat ass also ee Problem, dee sech an der Praxis net stellt.

Ech mengen, dass ech elo op alles geäntwert hätt. Ech hätt zwar nach eng Minut gehat, mä da schenken ech lech déi.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kommunikationsminister François Biltgen, dass e sech esou genau u seng Zäit ge-

halen huet. Mir wärend domadder um Enn vun eiser Diskussioun iwwert dee Projet de loi a mir kommen elo zum Vote iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an hei ass d'Resultat:

De Projet de loi 6037 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Lucien Clement), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert (par M. Félix Eischen), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Michel Wolter), Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Gött d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 7. Poursuite de la procédure législative de propositions de loi et de propositions de révision de la Constitution (suite)

Mir kommen dann elo nach eng kéier zrëck op déi Propositions de loi, well déi prozedural Schwierigkeete sech an der Zwëschenzäit geléist hunn. Dofir géif ech elo nach eng kéier déi eenzel Propositions de loi hei opruffen, a mir decidéieren da fir all Proposition de loi, ob mer déi virun an der Procédure législative bäibehalen.

Ech wëll och nach eng kéier betounen, dass et hei keen Délai gött, innerhalb vun deem déi Propositions de loi mussen definitiv zum Vote kommen, mä dass mer do erëm an där normaler Procédure sinn, wéi dat och virdrun de Fall ass.

Mir fänken also nach eng kéier mat där éischter Proposition de loi un. Dat ass den N°3442 vum Här François Bausch, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Waffen an d'Munitioun.

- Proposition de loi N°3442 portant modification de la loi du 15 mars 1983 sur les armes et munitions.

Ass d'Chamber domat d'accord, dass dës Proposition de loi weidergeleet gött?

Vote par main levée.

(Assentiment)

Mir fuere virun.

Déi zweet Proposition de loi N°3505, nach eng kéier vum Här François Bausch, iwwert d'Pornographie.

- Proposition de loi N°3505 relative à la production, la propagation et l'utilisation de représentations pornographiques.

Ass d'Chamber d'accord, dass mer déi weiderleeden?

(Assentiment)

Jo.

Da komme mer zu der Proposition de loi N°3699 vum Här Henri Grethen iwwert de Silence de l'Administration.

- Proposition de loi N°3699 ayant pour objet le silence de l'Administration.

Ass d'Chamber domat d'accord, dass mer déi viruleeden?

(Assentiment)

D'Proposition de loi N°4548 vun der Madame Lydie Polfer an dem Här Henri Grethen, eng Ofännerung vum Artikel 105 vun der Loi électorale.

- Proposition de loi N°4548 portant modification de l'article 105 de la loi électorale du 31 juillet 1924.

Ass d'Chamber d'accord, dass mer déi viruleeden?

(Assentiment)

Da komme mer zur Proposition de loi N°4633 vum Här Jean-Pierre Klein iwwert de Congé de formation vun de Gemengepolitiker.

- Proposition de loi N°4633 portant introduction d'un congé de formation pour les élus locaux.

Ass d'Chamber d'accord, dass mer déi weiderleeden?

(Assentiment)

Jo.

Da komme mer zur Proposition de loi N°4676 vum Här Alex Bodry iwwert de Libre accès à l'information.

- Proposition de loi N°4676 concernant la liberté d'accès à l'information.

Ass d'Chamber d'accord, dass mer déi viruleeden?

(Assentiment)

Domadder ass dat esou decidéiert.

Da kënnt d'Proposition de loi N°4684 vum Här Jean Colombara iwwert déi onkonventionell Medezin.

- Proposition de loi N°4684 portant réglementation des pratiques de médecine non conventionnelle dans le domaine de l'art médical.

Ass d'Chamber och do d'accord, dass mer déi weiderleeden?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Déi nächst Proposition de loi ass d'N°4734 vum Här Alex Bodry iwwert de Congé associatif.

- Proposition de loi N°4734 portant institution d'un congé associatif.

Och do: Ass d'Chamber d'accord, dass mer déi weiderleeden?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Déi nächst ass eng Proposition de loi N°4808 vum Här Zanussi iwwert de Vote iwwer Internet. Déi gött vum Här Alex Bodry iwwerholl, esou wéi den Artikel 66, Alinea 6 vun eisem Reglement dat virgesäit.

- Proposition de loi N°4808 sur le vote par Internet.

Ass och do d'Chamber d'accord, dass déi weidergeleet gött?

(Assentiment)

Dat ass also domadder decidéiert.

Déi nächst Proposition de loi ass d'N°4822 vum Här Camille Gira, eng Ofännerung vum Wahlgesetz.

- Proposition de loi N°4822 portant modification de la loi communale du 13 décembre 1988 visant à rendre obligatoire la réunion extraordinaire du corps électoral pour procéder au remplacement de tous les membres du conseil communal à la demande du corps communal.

Ass och do d'Chamber d'accord, dass mer se viruleeden?

(Assentiment)

Da gött dat domadder gemaach.

An da komme mer virun zur Proposition de loi N°4947 vun der Madame Renée